



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Premierminister, Staatsminister, vum Minister fir bannenzeg Sécherheet a vun der Ministesch fir Justiz op d'parlamentaresch Fro n° 5370 vum 9. Dezember 2021 vum honorabelen Députéierte Fernand KARTHEISER iwwert d'„instauration d'une zone de manifestation”

Ad 1)

D'„Polonaise solidaire” an „Saturdays for Liberty” ware fir de Weekend vum 10. bis 12. Dezember ugemellt.

Ad 2)

Den Zoning gouf ageriicht fir eben dat verfassungsrechtlech garantéiert Recht op Meenungsfräiheet an d'Recht op Manifestatioun oprecht ze erhalten, mee wéinst de Virfäll vum Weekend virdrun ebe besser z'encadréieren. Et handelt sech dobäi ëm e Manifestatiounszoning deen virgesinn war fir Ausschredungen ze vermeiden, dat Ganzt ze kadréieren an Drëtter net zu Schued kommen ze loossen.

Et kann een dovunner ausgoen, dass d'Organisateuren an déi gutt gewëllte Manifestanten näischt dogéint haten, sech un de Zoning ze halen.

Et gi genuch Beispiller, dass eng gutt opgestallte Police an e Fräiraum, deen engem ginn ass, e Garant si fir friddlech Protester.

Ad 3)

De Sécherheetsdispositif gëtt op Grond vun den Informatiounen, déi am Virfeld vu gemellten oder net gemellte Manifestatiounen bekannt sinn, vun der Police evaluéiert an decidéiert, sou wei dëst an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 5412 erkläert gouf. D'Police ass vun der Madamm Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg gesetzeskonform requéréiert ginn, fir am Kontext vun dësen Manifestatiounen d'ëffentlech Uerdnung an d'Sécherheet vun de Bierger z'assuréieren an dofir ze suergen, dass d'Manifestanten sech strikt am erlaabte Kader bewegen. Déi selwecht autorité de police huet och den Organisateuren vun de Manifestatiounen d'Oplage kommunizéiert.

Elementer, wéi d'Marcherichtung an op wéi engem Deel vun der Voie publique d'Manifestanten sech dierfe beweegen, si vum Prinzip hier an der Autorisatioun vun der Stad Lëtzebuerg virzegesinn. D'Police huet d'Meiglechkeet een Dispositif opzestellen fir e geregelten Oflaf z'assuréieren.

Ad 4) + 5)

D'Manifestatiounsfräiheet ass an der lëtzebuenger Verfassung, souwéi och an internationalen Texter, dorënner déi europäesch Konventioun vun de Mënscherechter, garantéiert. Restriktiounen zu der Manifestatiounsfräiheet sinn ënner strikte Konditiounen erlaabt, ënnert anerem wann dës Restriktiounen e legitimt Ziel poursuivéieren, wéi zum Beispill déi ëffentlech Uerdnung oder d'Sécherheet, souwéi och d'Rechter vun anere Lait ze schützen. Esou Restriktiounen kënnen d'Platz vun der Manifestatioun betreffen, mee och den Datum oder d'Auerzäit wärend där se ka stattfannen.

Lëtzebuerg, de 6. Januar 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL